



N° 6824  
Entrée le 12.09.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 12.09.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Creos ne peut pas prendre le contrôle de votre chauffage*" deen den 9. September am Paperjam publizéiert gouf, gëtt d'Angscht vu ville Leit thematiséiert, datt hir Smartmeteren an der Energiekris och kéinten agesat ginn, fir hire Konsum kuerzfristeg ouni hiren Accord ze plafonéieren oder souguer ganz ofzestellen. Den Artikel ziilt drop of, fir d'Bierger ze berouegen, gläichzäiteg gëtt awer och geschriwwen, datt Stéit lo schonn tëschent 22 a 6 Auer kënnen d'Leeschtung reduzéiert kréien, wann d'Nofro d'Offer vum Fournisseur iwverschreit. Aktuell befanne mir eis op EU-Niveau an enger Phase wou gemeinsam fräiwëlleg Energiespuermoosname sollen decidéiert ginn, déi awer zu all Ablack mat qualifizierter Majoritéit an Zwangsmoosname kënnen iwverfouert ginn.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Minister gär dës Fro stellen:

- 1) Kann den Här Minister garantéieren, datt d'Smartmeteren nimools géint d'Lëtzebuerger Stéit agesat ginn, fir energiepolitesch Zwangsmoosnamen ze iwverwaachen an duerchzesetzen, och wann um EU-Niveau decidéiert gëtt, datt fräiwëlleg Moosnamen net duerginn, fir der Energiekris ze begéinen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten



**Äntwert vum Minister fir Energie op d'parlamentaresch Fro n°6824 vum 12. September 2022 vum éierewäerten Deputéierte Fred Keup iwwert de "Contrôle à distance de la température par le "Smartmeter""**

- **Kann den Här Minister garantéieren, datt d'Smartmeteren nimools géint d'Lëtzebuenger Stéit agesat ginn, fir energiepolitesch Zwangsmoosnamen ze iwwerwaachen an duerchzesetzen, och wann um EU-Niveau decidéiert gëtt, datt fräiwëlleg Moosnamen net duerginn, fir der Energiekris ze begéinen?**

An der parlamentarescher Fro n°6640 vum 10. August 2022 vun den éierewäerten Deputéierte Fred Keup a Fernand Kartheiser iwwer de Plan d'urgence am Gas war d'Fro opgeworf ginn "Ass am Fall vun enger verbindlecher EU-Veruerdnung ugeduecht, fir déi Smart- Meteren, déi vill Leit elo doheem hunn, zum Zweck vun enger Rationéierung vum Energiekonsum oder der Kontroll vum private Konsumverhalten anzesetzen?" Ech ka mech nëmmen nach eng Kéier widderhuelen: Wat d'Asetze vun de Smart Meter fir eng Reduktioun vu Gasfluxen ëmzesetzen ugeet, stellt sech déi Fro net, well dëst technesch net méiglech ass. Och eng Kontroll, ob sech d'Leit un déi geplangte Mesuren halen ass iwwert de Smart Meter technesch net ëmsetzbar.

Lëtzebuerg, den 11. Oktober 2022  
(s.) Claude Turmes  
Minister fir Energie